

Budgetsried vum JemP Weydert, déi gréng (14.12.18)

Här Buergermeeschter,
Dir Dammen an Hären,

D'Zuele weisen, wann een déi Budgete vu virdu kennt, **dass et eiser Gemeng finanziell esou gutt geet ewéi schonns laang net méi.**

Dat huet **3 Haaptursaachen:**

1. **D'Gemengefinanzreform** vun der aler/neier Regierung kënnt elo richtig zum Droen.

De Verdeelungs-Schlëssel huet g'ännert an 90 Milliounen Euro goufe méi an dat groust "Dëppe" vum *Fonds de dotation globale des communes (FDGC)* gepaakt. D'Bedelegung vun de Gemengen un de Salaire vun den Enseignante (3/910/648251 G) ass ganz ewech gefall. 2017 waren dat 2,4 Milliounen Euro eleng fir d'Gemeng Mamer.

2. **D'Verbesserung vun der Konjunktur** zanter 2015 an d'Resultater vun de Betriber déi geklomme sinn.

Esou sinn d'Recetten u Gewerbesteier an Dotatioune vun 2015 op 2019 ëm ronn 50 Prozent geklommen, vun 21,49 Milliounen op 32,19 Milliounen Euro.

Evolution ICC et FDGC depuis 2015 en mio €	compte 2015	compte 2016	compte 2017	rectifié 2018	init. 2019
ICC*	8,72	12,23	4,34	4,76	4,94
FDGC**	12,77	13,15	22,94	24,86	27,25
Total	21,49	25,38	27,28	29,63	32,19
	100%				149,8%

* ICC = Impôt commercial communal

** FDGC = Fonds de dotation globale des communes (avant : FCDF)

Dat erkläert dann och d'Evolution vum uerdentlechen Iwwerschoss vun 7,5 op 13 Milliounen Euro.

3. **D'Enn vun de groussen Investissementer vun der Gemeng Mamer**, dat e.a. dozou gefouert huet, dass ab Mëtt 2016 keen neien Emprunt huet missen opgeholl ginn.

Am Schäfferotsprogramm goufen d'lescht Joer 169 nei Projeten ugekënnegt. Elo kommen déi lues a lues op den Dësch a kaschten zum Deel och nees vill Suen. Eng Opstellung vun allen zukünftigen Investitiounen feelt awer. Fir de Gemengerot ass et ënnert deene Konditiounen net méiglech, e realistesch Iwwerbléck ze kréien op déi extraordinär Depensen an deenen nächste Joren, Prioritéiten ze erkennen oder selwer där ze setzen.

E pluriannuelle Finanzplang, wéi och vun der Finanzkommissioun gefrot, mam Detail vun alle Projeten, **ass** an deem Kontext **en absoluten Must!**

E gutt Joer no de Gemengewalen a bei der Opstellung vum 2. Budget misst esou en Instrument eigentlech selbstverständlech sinn. **Ouni dat, feelt et un Transparenz.**

Deen aussergewöhnlech héijen Iwwerschoss am ordinäre Budget 2019 vu ronn 13 Milliounen Euro weist eiser Meenung awer och op **en Desequilibrium tëscht dem ordinären an dem extraordinäre Budget** hin.

Just 25% vun den Ausgabe fir d'Paieren ass en extrem nidderege Wäert am Land. Hien erkläert sech engersäits duerch eng Joer laang Weigerung fir Personal anzustellen. Anersäits weist en op e Mangel u Servicer um Bierger hin.

Et ass duerfir eiser Meenung no elo wichteg, déi Suen net eleng a grous, schéin, nei Gebaier ze investéieren, mee endlech och an de Kaf vun Terrainen an an den Op-respektiv Ausbau vu wichtege Servicer am sozialen an Ëmweltberäich.

Ech erënneren an deem Kontext just un d'Iddi vun engem Service fir eeler Leit, fir kleng Aarbechten am Haus déi si net méi selwer maache kënnen. E Service, deem d'Madamm Besch-Glangé zanter Joren hei proposéiert huet.

D'Gemeng soll sech och méi engagéiere fir déi Jonk! Déi brauche Stage fir hir Zukunft a wann si sech bewerbe fir eng Aarbecht. Dat bedéngt Personal.

Mee wéi gesot: D'Suppressioun vun der Gemengen-Bedeelegung un de Salaire vun den Enseignante huet eis *Dépenses ordinaires* järelech ëm 2,4 Milliounen Euro reduzéiert. **Eiser Meenung no sollen dës Erspuernesser op Grund vun der Gemengefinanzreform och zu engem groussem Deel nees am uerdentleche Budget genotzt ginn** – notamment duerch d'Ästelle vun den néidege Leit.

E ganz aneren Thema

D'Wëssenschaftler warnen: **de Klimawandel** geet rasant viru wa mir net all schnell handeln.

Bei eis an der Gemeng feelt déi erfuerderlech Begeeschterung an Dynamik. Obwuel zanter 24 Joer am Klimabündnis, hu mir eis Méi fir déi 50 Prozent bei der Klimapakt-Zertififikatioun ze halen. Aner Gemenge sinn do schonns vill méi wäit. Esouguer eng Stad Esch, déi finanziell wesentlech méi schlecht do steet wéi Mamer, huet 75 Prozent gepackt.

An dobäi si Potenzialen do! Just 2 Beispiller:

· Ech hunn et schonns oft hei gesot: all déi Daachflächen op de Gemengegebaier waarden op d'Installatioun vu Fotovoltaikanlagen. Eleng am Kinneksbond sollen et 100 000 m² sinn. E ganzen Hektar! Et gi wuel schonns vereenzelt Anlagen, an et sinn anerer virgesinn. Mee d'Situatioun verlaangt elo e wesentlech méi engagéiert Handeln. An ënner Biergerbedeelegung!

· E Beispill am Kader vun der doucer Mobilitéit: beim Tour du Duerf hu Biergerinnen a Bierger gewisen, dass eis Gemeng ganz vir leie ka beim Vëlofueren am Alldag. Mee Dir huet et net fäerdeg bruecht, dës Begeeschterung bei enger Rei Leit fir eng reell Dynamik ze notzen. Ze notzen engersäits duerch eng Unerkennung vun den Acteuren an anerersäits duerch eng Begleedung vun der Aktioun mat konkrete Moosname fir de Vëlosverkéier an eiser Gemeng méi sécher, méi attraktiv a méi einfach ze maachen.

Mir hätten eis erwaart, dass no dem Asetze vun enger Mobilitéitskommissioun an no dem Optrag un e Verkéiersbüro am Ufank vum Joer, spëtstens elo e Gesamtkonzept virgestallt an eenzel Mesuren ëmgesat gi wäeren. Bei villen anere Bauprojete war dat jo méiglech. Firwat net bei der aktiver Mobilitéit?

Mir proposéieren duerfir, dass all Joer eng Vëlosstreck duerch d'Gemeng konsequent ëmgesat gëtt - mat Beschëlderung, Entschäerfung vun de Geforepunkten, kleng bauleche Moosnamen, Publicitéit etc. Dat kascht net vill Suen. Déi grouss Projete kënnen da parallel geplangt a realiséiert ginn.

Mir Gréng vermëssen an dësem Budget awer och déi sozial Komponenten, déi e bësse méi wäit ginn, wéi dat wat d'Legislatioun virgesäit.

Natierlech suergt Dir bei all neiem Lotissement duerfir, dat déi 10% fir erschwéngleche Wunnraum agehale ginn. Et ginn och vereenzelt Projete vu staatlecher oder privater Säit. D'Gemeng huet elo och endlech en eegene Projet lancéiert. Mee dat alles geet bei wäitem net duer.

Mir hätten et duerfir begréisst, wann Dir zum Beispill weider Méiglechkeete vu Wunnraum fir Familljen déi sech net gutt stinn, fir Jugenlecher déi eng éischt einfach Wunneng sichen oder fir Flüchtlingen déi de Statut hunn, geschafen hätt.

Och hei muss d'Gemeng mam gudde Beispill virgoen an et net eleng deenen Aneren iwwerloossen.

Aus den Ënnerlage wëll ech dräi Punkten eraus gräifen:

· Beim **Impôt foncier** gëtt zanter 2018 eng méi kleng Recette erwaart ewéi am *Compte 2017*. Wou erop ass et zréck ze féieren, dass dës Recette 2017 esou héich war an elo nees méi niddreg?

2/170/707110/99001	Impôt foncier
Compte 2013	812 191,94 €
Compte 2014	836 345,21 €
Compte 2015	846 910,74 €
Compte 2016	853 777,59 €
Compte 2017	1 076 202,70 €
Budget rectificié 2018	990 000,00 €
Budget initial 2019	1 000 000,00 €

· **Feldweeër**

Bei den Aarbechten un de Feldweeër ass mir opgefall, dass zwar ëmmer héich Betrag am Budget ugekënnegt ginn, mee a Wierklechkeet nëmmen zu engem klengen Deel ëmgesat ginn.

4/410/221313/99001				
Compte 2013	96 245,89 €	55,0%	du budget rectificié :	174 866,95 €
Compte 2014	7 802,98 €	7,8%	du budget rectificié :	100 000,00 €
Compte 2015	75 904,54 €	34,2%	du budget rectificié :	222 197,02 €
Compte 2016	66 298,88 €	45,3%	du budget rectificié :	146 292,48 €
Compte 2017	90 922,18 €	50,5%	du budget rectificié :	179 993,60 €
Budget rectificié 2018	189 071,42 €	61,2%	du budget initial :	309 071,42 €
Budget initial 2019	150 000 €			

Travaux extraordinaires de mise en état de la voirie rurale

An der Moyenne goufe vun 2013 bis 2018 genau 56 195,75 € pro Joer investéiert. Dat si **just 41% vun deem wat an de Budgete virgesi war.**

Vu dee grouse Retard am Beräich vun der doucer Mobilitéit, proposéiere mir, dass d'Gemeng, wéi bei de Feldweeër oder am Naturschutz och fir dëse Beräich all Joer eng Zomme x aplangt. Mat deene Sue sollen, an der Zesummenaarbecht mat der Mobilitéitskommissioun, konkret Moosnamen ergraff gi fir Trottoiren a Vëlosverbindungen AN den Uertschafte méi sécher a méi duerchgoend ze maachen. Och eng konsequent Beschëlderung vun de Weeër soll mat deem Poste realiséiert ginn.

Kläranlag an Taxen

De **Gemengerot** gouf nach ëmmer net iwwert de **Groussprojet Kläranlag a seng finanziell Konsequenzen am Detail an d'Bild gesat!**

Am Budget steet den *Apport en capital au SIDERO pour investissements à réaliser* :

4/520/238120/99001		<i>Apport en capital au SIDERO</i>
Compte 2009		153 765,52 €
Compte 2010		340 152,35 €
Compte 2011		1 024 592,74 €
Compte 2012		221 444,25 €
Compte 2013		464 225,02 €
Compte 2014		244 260,00 €
Compte 2015		1 006 214,00 €
Compte 2016		323 436,11 €
Compte 2017		1 136 996,33 €
Budget rectificié 2018		2 140 786,24 €
Budget initial 2019		2 736 591,69 €
		9 792 464,25€

Just beim Betrag vun 2011 gëtt ugemierkt, dass et d'Part vun der Gemeng Mamer zum *Bassin de rétention* zu Holzem ass. Fir wat sinn déi aner 8,8 Milliounen Euro gebraucht ginn?

An deem Zesammenhang wëll ech op eng Remarque vun der Finanzkommissioun – an elo och vum Här Beissel (CSV) - agoen. D'Kommissioun gräift eng Fro vun Iech, Här Buergermeeschter, op a schreift an hirem Avis: "(La Commission) Réitère sa demande de respecter le principe du pollueur/payeur et de revoir à cette fin la tarification actuelle de l'eau, des eaux usées et des déchets, également au vu des investissements qui vont se réaliser les années à venir."

Wéinst der Vergréisserung vun der Kläranlag z.B. soll also d'Tax op dem Ofwaasser fir all Bierger erhéicht ginn. Wat huet dat mat engem Käschtendeckungsprinzip ze dinn, deen d'Ëmweltbelaaschtung duerch den Eenzele chiffrieren, a Rechnung stellen an esou méiglechst reduzéiere soll? **Beim Käschtendeckungsprinzip geet et net nëmmen ëm Suen. Et geet och a virun allem ëm eis Ëmwelt!** Fir d'Kultur an den Event-Management gëtt dee Prinzip net gefrot.

D'Kläranlag muss ausgebaut gi wéinst deem grouse Wuesstem hei an der Gemeng. An net well d'Leit sech manner Ëmwelt gerecht verhalte géifen. Wéinst dem grouse Wuesstem vun der Awunnerzuel, vun de Betriber an den Aarbechtsplaze sollen elo d'Bierger bei d'Lisette gelooss ginn? Och wann si net méi Waasser verbrauchen a verschmotze wéi virdrun?

All déi lescht Joren huet et ëmmer erëm geheescht, de Wuesstem wier finanziell interessant fir eis Gemeng. Méi Bierger a Betriber géifen och méi Suen an d'Gemengekees bréngen. Dat stëmmt jo och wann ee just d'Recette-Säit kuckt.

Mee dës Recette mussen dann awer och fir d'Finanzéierung vun Wuesstem geholl ginn! Duerfir kritt d'Gemeng se jo.

Eng Finanzéierung duerch méi héich Taxe wier immens ongerecht a fir de Bierger net ze verstoen. An et wier de falsche Message.

D'Vergréisserung vun der Kläranlag muss also mat deene Sue finanziert ginn, déi wéinst dem Bevëlkerungszouwuess an d'Kees kommen. Mat de Sue vum *Pacte Logement* z.B. goufen nei (Schoul-)Infrastrukture gebaut. Den Ausbau vun der Kläranlag ASS eng nei Infrastruktur.

Als Conclusioun

widderhuelen ech eis Positioun vun leschte Joer: **Deen neie finanzielle Spillraum, deen eis Gemeng duerch d'Finanzreform kritt huet, soll prioritär fir all déi Beräicher genotzt ginn, déi bis elo vernoléisseg goufen!**

An dësem Budget fanne mir positiv Projeten déi mir och wäerten ënnerstëtzen.

Mir vermessen awer weiderhin de soziale Volet esou wéi gréisser Akzenter am Beräich Mobilitéit, Ëmwelt- a Klimaschutz.

Mir wäerten duerfir dëse Budget net matstëmmen.

Ech soen alle Leit aus de Gemengeservicer, déi bei der Aarbecht fir dëse Budget matgeschafft hunn, Merci fir hiren Asaz an hiert Kënnen.

An Iech fir d'Nolauschteren.